N°8371
Entrée le 16.11.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, dem Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft an dem Minister fir Wirtschaft op d'parlamentaresch Fro n°8371 vum 5. Oktober 2023 vum éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert "Situation de l'Asbl Benu"**

**1. Wéi eng änlech Projeten, wéi de Benu existéieren, nach am Land? Ass de Staat och an dëse Projeten impliziéiert? Wa jo, wat fir finanziell Mëttel stellt de Staat hei zur Verfügung?**

De Ministèrë si keng änlech Projete wéi BENU bekannt.

**2. Wéi vill Mataarbechter bei Benu sinn direkt iwwert d'ASBL agestallt? Wéi vill sinn iwwert Aarbechtsmoossnahmen bei der ADEM agestallt? Falls sech beim Benu d'Situatioun finanziell net verbessert an de nächsten Deeg a Wochen, wäerten d'Ministere versécheren, dass aner Initiative dës Mataarbechter iwwerhuelen?**

An de rezenten Echangë mat der ASBL ass matgedeelt ginn dass um Stand 8. Oktober 2023 45 Persounen op verschiddene Kontrakter bei der ASBL geschafft hunn. Aktuell schaffen zwou Persounen iwwert eng Aarbechtsmoossnam vun der ADEM bei der ASBL (1x"Contrat d'appui-emploi" (CAE) an 1x"Emploi d'insertion" (EMI)).

Et kann net garantéiert ginn, dass aner Initiativen dës Mataarbechter iwwerhuelen falls sech bei BENU déi finanziell Situatioun an den nächste Wochen net verbessert.

Zu kengem Zäitpunkt goufen et Obligatiounen, Accorden oder aner Zousoe vu staatlecher Säit fir an d'Richtung vun dëser lo bekannter enormer personeller Opstockung ze goen. Dës Responsabilitéit läit eenzeg an eleng beim Verwaltungsrot vun BENU, dee Leit agestallt huet, ouni eng finanziell Zouso ze hu wat de laangfristegen Finanzement vun den Aktivitéiten ugeet.

De Verwaltungsrot an d'Direktioun si fir déi finanziell an organisatoresch Ofleef responsabel. De Staat ass am Moment am gaangen d'Finanzlag vun der ASBL ze analyséieren fir dass déi ëffentlech Fonge gesetzeskonform agesat ginn. An engem Pressecommuniqué vum 14. November 2023 huet de Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung Informatiounen zu dëser Analyse matgedeelt.

**3. Wéi evaluéiert d'Ministesch d'Resultater vum Projet Benu no 5 Joer?**

De Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung huet d'ASBL BENU bis lo net direkt finanzéiert, mee 2017 an enger éischter Phase d'Escher Gemeng, deemolegen Träger vum Projet, mat enger finanzieller Kontributioun ënnerstëtzt fir de Projet op d'Been ze stellen. Dës Phas vum Projet ass ofgeschloss.

Déi weider Phase sinn iwwert d'Gemeng finanzéiert ginn. Eng Kontributioun vun der Säit vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung war net méiglech well déi rechtlech Grondlag gefeelt huet. Deemno läit dem Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung och keng detailléiert Dokumentatioun vir, déi et géing erméiglechen, eng präzis Evaluatioun vun de Resultater duerchzeféieren.

Als Acteur am Beräich vun der Kreeslafwirtschaft gouf de Projet BENU deen sech och an d'Promotioun vun enger sozial an ekologesch gerechter Ekonomie aschreift vum Wirtschaftsministère mat enger "aide de minimis" ënnerstëtzt.

Et sief drun erënnert, datt et réischt zanter dem 4. September 2023 iwwerhaapt legal méiglech ass, enger ASBL am Beräich vun der Kreeslafwirtschaft eng Subventioun iwwert den Ëmweltschutzfong ze accordéieren, deen an dësem Fall géif a Fro komme fir eng finanziell Participatioun.

Am Fall wou eng Konventioun mat de concernéierten Acteuren op d'Bee gestallt géif ginn, wäert et dee Moment och Obligatioune fir BENU ginn, an dat op allen Niveauen, notamment an der Gestioun vun dem Personal an de Finanzen, souwéi engem Monitoring vun de geleeschten Aarbechten a Relatioun mat den Objektiver. Dëse Kader géif dann dem Staat d'Méiglechkeet ginn d'Resultater par rapport zu den envisagéierten Ziler ze evaluéieren.

**4. Hunn, ausser dem Ëmweltministère an der Gemeng Esch, nach aner Acteuren an de Projet Benu investéiert? Wa jo, wien a wéi een Undeel?**

Wat eventuell aner finanziell Ënnerstëtzungen ugeet, vu kommunaler Säit oder anere karitativen Zwecker, leien just deelweis Informatioune vir.

Lëtzebuerg, den 16. November 2023
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung